Schlüpferesch
Hommage un di Wëll Zwanzeger

Stued Theater
CD ST001

D'Liddtexter

2 Haut den Owend!

Weis: *Heute Abend wird ein Seitensprung gemacht!*
Text/Iwwersetzung: G.Urwald
Musek: Otten - Ebeler

1.
Wech mam Jéim'ren
Wech mat all deem Souren
Ech brauch Stëmmung, Party an nach méi
Wëll am kuerze Liewen d'Loscht net verléi'ren
Duerfir soen ech mir muerges fréi:

Haut den Owend, haut den Owend
Gëtt e Säitesprong gemat!
Haut den Owend, haut den Owend,
gëtt e Meedchen ugelaacht!
Da vergëss de Schlof a Suergen
Denks ne tun deen an're Muergen
Haut den Owend, haut den Owend
Gëtt e Meedchen ugelaacht!

2.
Si kee Streber
Wëll och nimools ee ginn
Liewe lëschteg an den Dag eran
Suen ausginn ass fir mech reng Routine
„Joffer, net, kommt hir, `ch sinn äre Mann!"

3.
Viru mir ass
haut den Owend keent sécher
Liewen d'Léift gär ouni vill Tamtam
Meedercher, verstoppt iech net ënnert d'Dëscher
Éi`r et hell gëtt muss ech rëm bäi d'Mamm!

3 Champion an der Box

Weis: *C'est pour les petites femmes*
Text: P.Stein
Musek: V.Scotto

1.
An der Box do sinn ech haut dee Beschten
ech si Champio vum Land
Vun dem Stärkste bis erof zum Leschten
`ch hat se all schon ënn'rem Zant
An ech hu se alleguer vermiwwelt
an ech hu se alleguer zerkniwwelt
Knuppe sinn et ginn
Ha! Dir misst gesinn
wéi ech féx ëmmer stinn

Kuckt mech mol un dir Dammen
kuckt mech vu vir an hannen
kuckt de breede Réck
hei dat Schëllersteck
déi Muskéiten, dat Gebéck
Flang! An da fléit en d'ënnescht
Pang! An da fiert en d'iewescht
A mat Hoer an Haut
Schonn nom éischte Round
Läit en um Réckstrank knockout

2.
Jiddfer Dag doheem an onser Kichen
Gëtt trainéiert am Costéng
Still an Dëscher, wat een Haarts wëll sichen
Alles schlon ech kuerz a kleng
Mat der Pan muss ech meng Fra jidd Muergen
Widder d'Kalbass ha'n, datt d'Fatze fueren
O! dat ass eng Freed
`t deet mer nëmme leed
datt ons Pan futti geet

3.
`t konnt bis haut nach kee knockout mech maachen
`t huet nach keen dat fäerdeg bruecht
Mee ech selwer hat, `t wor fir ze laachen
D'lescht mech bal ëm d'Liewe bruecht
`ch wollt mat aller menger Force een haen
`t gong derlaanscht, ech treffe mech tëscht d'Aen
O! dat gouf e Schlag
`ch wor direkt Avoir
`ch si réischt muerges erwaacht

4 Dem Wirsch seng Wueden

Text: P.Stein
Musek: J.Faber

1.
Lauschter Wirsch et muss eraus
D'Hierz dat hält den Drock net aus
Ech ka mech net méi halen
Et muss sech haut verknalen
Méint laang schonn an engem Stéck
Hunn ech `t hei sou knuppendéck
`ch halen `t net méi aus
et muss eraus, eraus
O Wirsch, wéi ass dat gaang?
`t ass mir sou droleg baang!

Wirsch! O Wirsch! Wat hues de Wueden
Wirsch, sou eppes `t ass verbueden
Du weess et, wéi dat an ee krécht
Wéi dat een sou des Däiwels mécht
Et kann ee sech mat Méi nur halen
Fir dir net gläich zu Féiss ze falen

O Wirsch! O Wirsch! Ech bieden dech
`t ass eemol ze geféierlech
Verstopp se Wirsch, ech bieden dech
`t ass eemol ze geféierlech.

2.
Kuck wanns du duerch d'Gaass sou kënns
Wanns de ëm den Eck verschwënns
Dat léisst sech net beschreiwen
Et spiert een't an sech dreiwen. `
`t kënnt esou vun ënne `ropp`
t dréit der uewen an der Kopp
Et räisst dech ganz sou mat
du bass ganz einfach platt
O Wirsch, du muss verston`
t kann net sou weider go'n!

3.
An ech weess mer kee méi Rot
Wirsch! O Wirsch ech si geplot
Eng Hell déi wier mer léiwer
wéi dat Wuedeféiwer
Muncher ale Fraleitsgeck
Krut e Schlag beim éischte Bléck
Och ech, ech weess net wéi
Ech spiren `t geet net méi
O Wirsch, muss dat da sinn
Datt mir all geckeg ginn!

5 An den näischnotzge Bléck am Gesiicht

Text: P.Stein
Musek: L.Beicht

1.
Jidd Muergen gesouch ech et kommen
Jidd Muergen sou lëfteg a fléck
Sou rouseg gesond an sou monter
Sou nettges, sou léif an sou schick
Et koum sou, ech weess net, vum selwen
Mir hunn ons jidd Muergens géngt aacht
Par hasard begéint an de Stroossen
A frëndlech ons zou da gelaacht.
A wat mer un him sou gefall huet
Et wor jo am Fong wuel net schéin
Mee `t hat eppes u sech, sou eppes
Wat engem de Kapp konnt verdréin

Dee Gank an déi Blus an déi Jüppchen
Sou ëmpeg, sou lëfteg, sou liicht
Deen drolegen, drolegen Hittchen
An deen näischnotz'ge Bléck am Gesiicht

2.
Beim frëndlech Wénken a Laachen
Do fällt och munch frënterlecht Wuert
A wa sech zwee Hierzer gefalen
Si fanne sech, ier een `t beduecht
Mir hate wéi Kanner ons giren
Mir hunn ons gedréckt a gekësst
Vergaange sinn d'Deeg nuer am Laachen
Déi Deeg, déi een nimools vergësst
An hat ech mol Uersaach ze motzen
Gong eppes net, wéi et sollt sinn
Ech hunn et nuer bräicht ze bekucken
Da wor him scho gläich nees verginn

3.
Natierlech, `t huet eemol misst kommen
Dat louch sou a senger Natur
Säin Hierz wor sou liicht a sou lëfteg
Sou grad wéi seng ganzeg Figur
Et huet mech een Dag ouni Uersaach
Mat frëndlechem Laache bedrunn
Net méi an net manner, ganz einfach
Ouns Schlechtes mir wëllen ze dunn
A konnt ech mäin Hierz och net tréischten
Sou wéi wéi hatt mir och gedo'n
Ech weess net, ech konnt him net béis sinn
Ech konnt och keen Haass no him dron

9 Am flottsten ass e Meedchen, wann et schwamme geet!

Weis: *Am schönsten sind die Mädchen, wenn sie baden geh'n*
Text/Iwwersetzung: G.Urwald
Musek: A.Profes

Am flottsten ass e Meedchen
Wann et schwamme geet
`t ass leider nëmmen hallef sou schéi wa bekleet!
Am flottsten ass e Meedchen dach am ‚Maillot d'bain'
Alles wat et soss verstoppt
Dat huet ee lo v'run An!

1.
Déi allerstäerkste Käer'len hu sech net ënnert Kontroll
Wann de ‚Strandbad' ass mat lauter Fraleit struppevoll

2.
A wann een déi Figuren een nom anre sou betruecht
Denkt ee sech, o hätt ech mir och sou eng zougeluecht!

3.
O Meedche fir sou Saachen brauch een dach e Waffeschäin
Schéiss op mech, blesséier mech an haut nach ginn ech däin!

10 Awer den Ugène léisst mech net verkommen

Weis: *Aber der Nowak lässt mich nicht verkommen*
Text/Iwwersetzung: Y.Streff
Musek: H.Wiener

1.
Ech hunn e Mann, dee muncher gären hätten
Deen ëmmer mech behitt vrun allem Schlechtem
A jiddree kennt hien, jo hien ass bekannt ginn
Wéint him ass 't, datt ech haut eng fäi Madamm sinn
Ob ugedon oder potzpuddelnaackeg
Den Ugène ass vu Kapp bis Fouss 'sou knackeg
Der Däiwel jo dee wollt mech zisch-mol huelen
Awer den Ugène léisst mech net verkommen

2.
Ech wollt mat ville Saachen eemol spillen
Ech géif sou gär am Kullang eemol leien
Mat Hourejeeër géif ech mech zerklappen
Als Domina wëll d'Männer kommandéi'ren
Amplaatz Ducal well ech Marihuana fëmmen
Ech hätt dësläscht och Morphium wolle schnofflen
Awer den Ugène léisst mech net verkommen

3.
Bei Vollmound wëllt ech eemol e Vampir sinn
Ech wëllt eemol eng Klont vun engem Fakir sinn
A leien ech da queesch op zwou Matrazen
Da spieren ech d'laang Neel vun hanne kraatzen
Ech wollt mol Schlangen an Eidechsen iessen
E grousse Wollefshond verkas'matucklen
A vill vill méi nach wëll ech ënnerhuelen
Awer den Ugène léisst mech net verkommen

4.
Den Ugène ass zwar engersäits e Seegen
Mee anersäits léisst hie mech net beweegen
Do stoung mol eng Annonce an enger Zeitung
Déi sichen vun engem Nightclub eng Direktioun
Eng jonk Madame,brav, a mat léiwem Wiesen
Déi plakeg danzt v'run Neg'ren a Chineesen
Op sou eng Plaz, do wollt ech direkt goen
Awer den Ugène léisst mech net verkommen

11 Du bass d'Fra, déi d'Sënn huet erfonnt!

Musek: Du bist die Frau, die die Sünde erfand!
Text/Iwwersetzung: G.Urwald
Musek: E.Berté

1.
O du bass d'Fra, déi d'Sënn huet erfonnt
O du bass d'Fra voll Glouss
Du bass déi Fra, déi mäin Hierz huet entbrannt
O du bass d'Sënn Kapp bis Fouss!
Nach sou eng Nuecht wéi déi leschten sou schéin
Eng leschte Kéier mat dir!
Féier mech an de Paradäis mat Harfentéin
`ch loossen dir d'Hierz dofir!

2.
O `ch dreemen vun dir am hellechtsn Dag
Dreeme mat opp'nen An
Wéis du dës Nuecht sou louchs bei mir am Aarm
Wéi Gott als Kand dech erschaf
Wéi Stuerm um Mier, héich sinn d'Welle geschlon
Leidenschaft, Feier, wëll Léift
Du eenzeg du, hues mir et schwéier ugedon
Hues mir de Kapp verdréint!

12 Den Här Anatol huet d'Léin a säin ‚Olala' gepëtzt!

Weis: *Herr Lehmann hat die Lu gezwickt*
Text: Y.Streff
Musek: O.Stransky/G.Urwald

1.
Den Här Anatol huet d'Léin a säin ‚Olala' gepëtzt
An d'Léin hatt wor erféiert mä hatt laacht just ganz verschmëtzt
„Här Anatol, wann d'Police kënnt, kritt Dir e Protokoll!
Bäi alle Leiden zou, wou bleift Är Schimmt, dir faalt aus der Roll!
Dofir mäi léiwen Anatol, kommt blouss hei hanner Wands
Gitt mat mir hannert d'Heck an dann zerwéiert Dir, zerwéiert Dir, zerwéiert Dir iech ganz!"

2.
Den Här Anatol, hie sot: „Joffer, o ma très chère Léin! Ganz no bäi Ärem ‚Olala' ass et nach vill méi schéin!
Just eppes Joffer Léin ech kann et dach rëm net verston
Mäi klenge Mëttelféngerchen deen huet sech glat verdon
Nach just um Breedewee do rëtscht hie riicht an d'Waassergaass
Mä `t g'säit een an et héiert een, `t mécht Iech jo grou, `t mécht Iech jo grou, `t mécht Iech jo grousse Spaass!"

3.
Den Här mécht sech fräi a kuckt d'Joffer Léin ganz déif an d'An
An d'Léin hatt huet gekickelt: „O Dir sidd mäi staarke Mann. Nach ni, Här Anatol hunn ech ee Bléck sou déif gespiert
Geséich ech net Är Hännercher, `ch géif son, dir hätt Iech giert
Dee ‚Pas de deux' hei ass sou schéin, `ch hunn deen nach ni gesinn
Deen hëllt aus mir, deen hëllt aus mir déi aller schéi, déi allerschéi, déi allerschéinsten Téin!

13 O Joffer, dir hutt eng kleng Rutsch an ärer Strëmp!

Text: Y.Streff
Musek: G.Urwald

1.
D'lescht Owes, `t wor scho spéit am Transport public
Sëtzt niewend mer eng Stater Madamm sou chic
Net ze jonk an netz ze al, just entre les deux
Déi hat eng Jüppchen un, déi wor (hmm) non di bleu
Du koum eng schaarf Lénkskéier an ech stoussen si un
An d'Joffer sot genéiert: „Pardon!" Ganz douce am Toun

2.
An du gesouch ech, just ee clin d'oeil, `t gong duer
Hir Jüppche wor hir jupps iwwert de Knéi gefuer
Op der Säit do wor eng Jachtell mat nack'rem Knapp
An dat Been, o ech son iech, `ch wor flatsch nieft de Kapp
`ch wor ‚GRRR' mä ech weise meng Engelsfiseminn obwuel si d'Händchen drop leet, hat ech se scho gesinn!

O Joffer, dir hutt eng kleng Rutsch an ärer Strëmp! Ech géif se flécken, am Sëtzen, wann ech *do* upake kënnt
E Fiedemchen ugefiicht mat menger Stoppnol
Kéim d'Saach rëm an d'Rei, et méich mer keng Plo
O Joffer am Rutschen do sinn ech ganz famous
`t ass nueren d'Übung, nueren d'Übung déi mécht de Klenge ganz grouss!

3.
Mäi Courage, dee wor eenzock rof an d'Box gerëtscht
Wou mäi ‚Johannes Péiter' op der Lauer sëtzt
Hie wor wutschdeg aläert, stoung am ‚Garde à vous'
Hien huet „Présent!" gemellt, „Wou gëtt et lo dee Coup?"
`ch hat Krämpes an ech duecht nach: „O Péiter, hal de Bak!"
`ch hunn d'Aktemapp, déi schwaartz him, flatsch op säi Kapp geklaakt!

4.
`t koum zum Rendez-vous. Doraus ass nach vill méi ginn
op eemol ass meng Hierzensdamm bestuedreg ginn
ech duecht: „Frënd! Nu pass schéin op, dat gëtt `lo sérieux
au r'voir les p'tits amours, fini la chasse, adieu!
Nach kuck'n ech gär an d'Liewen, wat et Schéins ze kucke gëtt
A bal bäi all schaarf Kéier, een dach un d'Rutsche kënnt!

15 Cojellico's Jang

Weis: *In einem kühlen Grunde*
Text: J.Welter
Musek: F.Glück

1.
Bei einem kühlen Humpen
Da saß Cojellico's Jang
Mit einem Zigarstumpen
Und einem belschen Frang

2.
Ihm graute vor dem Bezahlen
Er dachte mit Schreck an sein Kätt
Gedachte mit höllischen Qualen
Des Besens neben dem Bett

3.
Er sah sein Kätt schon im Läppchen
Und mit der zackigen Hauff
Wie ging dem Jang da der Wäppchen
Vor dem ‚Perdo' ‚Perdauff'

4.
Den Stachel trug er im Herzen
Den belschen Frang in der Täsch
Und voll Verzweiflungsschmerzen
Bestellte er eine Fläsch

5.
Wie tief bist du gesunken
O Jang, was fängst du nun an?
Als er sich satt getrunken
Spielt er den wilden Mann

6.
Der Wirt der nahm ihn beim Sterzen
Die Police nahm ihn mit fort
Der Jang sang: ‚An eurem Herzen
da ist der sicherste Ort'

7.
In einem kühlen Grunde
Sitzt nun Cojellico's Jang
Sein Kätt hat ihn nicht geschunden
Auch blieb ihm sein belscher Frang!

17 Sou laang net d'Box um Stuwelüster hänkt!

Text: Y.Streff
Musek: G.Urwald

1.
Jo Engelecher dat si mir just wa mir et musse sinn
Am léifste ma mir Zodi, mir ginn duerech Déck an Dënn
An hannert eisen Oueren do sëtzt et dach fauschtdéck
An ëmmer dréchen, ëmmer dréchen, dréchen ass eis Schléck!

Sou laang net d'Box um Stuwwelüster hänkt
Sou laang si mir net richteg lass!
Sou laang net d'Box um Stuwwelüster hänkt
Schmaacht eis kee Schampes a kee Kuss!

2.
`t kënnt vir, datt mir altmol eng Kéier iwwert d'Sträng geschlon
a sollt deen an'ren Dag éiren de Bluttdrock eis plon
gëtt kuerzerhand e Pättche Wäin, e Rhäifränsch `ra geschlon
bis d'Mooss erëm, bis d'Mooss erëm, bis d'Mooss erëm ass voll!

3.
Den Dokter huet et eis op mannst schonn dausend Mol gesot
Haalt op, mat lues, zitt d'Brems, packt iech an haalt `lo Fouss beim Mol
Zevill dat ass zevill an et zerräisst iech nach de Sak
Um Enn sidd der, um Enn sidd der, um Enn sidd der geklaakt!

18 Ech si sou schaarf op d'Erika!

Weis: *Ich bin so scharf auf Erika*
Text/Iwwersetzung: G.Urwald
Musek: E.Bootz

Ech si sou schaarf op d'Erika
Wéi de Columbus op Amerika
Du sëtz nieft mir am Seegelboot
A kriss ganz léif an d'Eierche gesot:
„Ech weisen dir, o Erika, Europa an Amerika!"
Ech hale Wuecht, d'ganz Nuecht beim Erika
Bei dir o Erika, o du mäin Erika
Wann's du erwächs, dann ass mäin Dag gerett
`t gëtt näischt méi Schéins, wat ech gär hätt!